

Budgetsried vum Adèle Schaaf-Haas, déi gréng (14.12.18)

Dëse Budget ass déi éischt Etappe vum Koalitiounsofkommes vum CSV-LSAP-Schäfferot. An et ass de Budget mam gréissten Iwwerschoss – 13 Milliounen Euro - am ordinäre Budget. Domadder ass d'Gemeng Mamer, wei de Buergermeeschter sot, "um Podium vun der lëtzebuerger Gemengenlandschaft ukomm".

Prioritéit hu wichteg Projete wei de Bau vun enger neier Museksschoul, den Ëmbau vum Mamer Schlass, den Ausbau vum "Wëllebau", den Ausbau an d'Renovéierung vum Mamer Scouts-Home an den Tennisterraine mat Restaurant op der Cap.

Déi gréng ënnerstëtzen dës Projete grondsätzlech. Mir hunn awer de **Käschtepunkt vun all dëse Projeten** a Fro gestallt. An och d'Aart a Weis, wéi si erstallt ginn.

Déi gréng hunn zum Beispill beim Vote vun der **neier Museksschoul** zu Mamer proposéiert, datt de Schäfferot als éischt soll ee Programm opstellen an dann, op Basis vun engem éischten *Budget estimatif* - dee vum Architekt erstallt soll ginn - nach eng Kéier kritesch dëse Programm a Fro soll stellen fir z.B. 10 Prozent vun deenen 19,2 Milliounen Euro anzespueren). Esou kann ee vermeiden, datt e Projet iwwerdeiert gëtt, wëll iwwert dem Plangen ëmmer erëm Upassunge gemaach ginn.

De Schäfferot investéiert vill a Gebaier. Am Budget fannen ech awer keng Moosnamen a keng Initiativen fir d'Zesummeliewen ze fërderen.

1. Eng Gesellschaft déi zesammenhält muss op **Solidaritéit** opbauen!

D'Aarmut ass vun 2016 bis 2017 vu 16,5 op 18,7 Prozent geklommen. Insgesamt sinn 126 000 Mënsche vun Aarmut betraff. Laut der STATEC muss virun allem an de Beräicher Wunnen a sozial Gerechtegkeet nogebessert ginn.

Dës Problematik soll a muss een Nidderschlag fannen am Gemengebudget.

Am Koalitiounsofkommes vun dësem Schäfferot war eng nei Sozialkommissioun virgesinn, déi Virschléi fir d'Integratioun vu Flüchtlinge soll maachen. Am Budget steet näischt dovun!?

Participatioun a gesellschaftlecht Engagement soll schonns bei de Kanner an de Jugendleche gefërdert ginn. Zum Beispill duerch d'Schafe vun engem Kannergemengerot an duerch eng Jugendkommissioun déi sech aktiv mat abréngt.

Firwat net ee Projet virgesinn ënner dem Motto "**Design for all**", wei d'Gemeng Schëffleng dëst elo mécht? Dobäi geet et drëm, den ëffentleche Raum de Bedürfnisser vun de Foussgänger unzepassen, den Zougang zu den ëffentleche Gebaier ze vereinfachen, Verbesserungen um Schoulwee virzegesinn, d'Sécherheetsgefëll am Däischteren ze verbessern. Esou ee Projet eegent sech, fir déi Mamer Leit mat anzebannen – eng geliefte Biergerbedeelegung deemno – a fir z.B. mat iwwerparteilechen Aarbechtsgruppen eng Bedarfsanalyse ze maachen an da Prioritéite festzeleeën.

Desweidere soll een och **fir déi eeler Leit ee Service virgesinn fir kleng Aarbechten a Reparaturen** am Haus an am Gaart ze maachen. Dëst war ee besonnescht Uleies vun eiser Kollegin Edmée Besch-Glangé. Esou Hëllef ginn an e puer Gemengen iwwert Beschäftigungsinitiativen ugebueden.

2. **Eng sozial a Famillje gerecht Wunnensbaupolitik** ass eng Prioritéit fir den aktuelle Schàfferot. Mee et ass net vill geschitt! Mat engem Prozent sozial Gemengewunnengen an e puer Joer sti mir net gutt do, wann ee weess, datt:

- déi sozial Ongläichheeten all Joer zouhuelen;
- déi staatlech Wunnensbaugesellschaften net nokomme mam Bauen;
- déi bestoend Gesetzgebung et de Gemengen einfach mécht fir selwer aktiv ze ginn an Terrainen ze kafen;
- an dësem Budget keng weider Investitioune virgesinn si fir "Wunnengen am Zentrum vun den Uertschaften ze kafen, ze renovéieren an duerno ze verlounen" (*Zitat aus dem Koalitiounsofkommes vum aktuellen Schàfferot*) a "betreit Wunnen" just op privat Initiativ hin op der Arelerstrooss soll entstoen!

Déi gréng weisen ëmmer erëm drop hin, datt och d'Gemenge müssen Terraine kafen a selwer aktiv ginn, fir dës Terrainen dann ze erschléissen an ze bebauen. Dat selwecht gëllt fir Baulücken erschléissen an innovativ Projeten ëmsetzen:

- z.Bsp Baugemeinschaften, wei der elo an der Stad an zu Jonglënster realiséiert ginn;
- an och Projeten déi d'Leit zesumme brénge wéi z.B. d'Méigenerationenhaus vun der Cohabitation-Gesellschaft zu Veianen, fir déi sozial Agliderung ze fërderen. Dëst ass e Projet, deen an Zesummenaarbecht mat der Oeuvre Grand-Duchesse Charlotte ëmgesat ginn ass. De Ministère du Logement finanziert dovunner 75 Prozent.

3. **An dësem Budget si keng weider Akzenter gesat gi fir de Klima- an Ëmweltschutz.** Dobäi sinn d'Erausforderungen, fir de **Klimawandel** an de Grëff ze kréien, enorm. Am Sonderbericht vum Weltklimarot gëtt op d'Konsequenzen opmierksam gemaach vun enger globaler Erwiermung ëm 1,5 Prozent. Et bleiwen nach 5 bis 10 Joer fir ee substantielle Kurswiessel Richtung Dekarboniséierung anzeschloen (VOTUM KLIMA).

Wat dës Efforte betrëfft, ass d'Analyse vun dësem Budget méi ewéi ernüchternd. Am Budget si kaum Moosname fir den Ëmwelt- a Klimaschutz virgesinn.

Esou mécht d'Kapitel "**Protection de l'Environnement**" am *Rectifié 2018* ganz 14,62 Prozent aus. (Fir 2019 sinn et 18,94 Prozent.) 91 Prozent vun dësen Ausgabe fir de Schutz vun der Ëmwelt - 95 Prozent am Initial 2019 - stinn als *Apport en capital* fir de SICA an de SIDERO am Budget. Dat heescht, fir déi aner Moosname bleift net vill iwwreg:

- fir Mesures d'Economie d'Energie stinn am *Rectifié 2018* just 213 570 Euro, déi en plus fir 2019 op 150 000 Euro erfogsat ginn;
- fir Protection de la nature stinn 0 Euro am Budget;
- fir Gestion des eaux de surfaces si fir 2019 just 30 000 Euro ageplangt.

Dëst ass an den Ae vun **déi gréng** sécher net dat richtegt Signal!

Mir sinn alleguer gefuerdert wann et heescht "**Global denken, lokal handelen**". Dofir wëll ech op dëser Platz net nëmme mam Fanger op Mëssstänn hiweisen, mee éischer een Appell lancéieren un de ganze Gemengerot, fir datt mir och um kommunalen Niveau "d'Äerm erop strecken".

Gutt Virsätz hat d'CSV an hirem Walprogramm 2018 annoncéiert, nämlech dass "d'CSV de Gemengen ee Biodiversitéitspakt mam Staat virschloe géif", fir den Naturschutz um kommunalen Niveau ze stäerken. Leider fannen ech an dësem Budget keng Spuer vun esou engem Pakt!

Dat wichtegst Instrument am Klima- an Ëmweltschutz um kommunalen Niveau ass de **Klimapakt**, deen de Gemengerot am Mäerz 2015 ënnerschriwwen huet. Dëse Pakt beinhalt eng Rei vu Moosnamen, déi an engem "**Leitbild**" zesummegefaasst gi sinn.

Dësen Zuch ass zwar op de Schinnen. Mee e kënn net vun der Plaz, a virun allem weess en net richteg, a wat fir eng Richtung e soll fueren. Am Joer 2018 hate mir just zwou Reunioune vum Klimateam. Dobäi war déi éischt eng Presentatioun vum Bureau Schroeder fir déi néi Memberen, fir opzeweise wou mir mat deene 74 Moosname vum Klimapakt stinn.

Et bleift nach ganz vill ze maachen! Ech verweisen op de lëschte Rapport vum Klimateam an deem dorop higewise gött, datt eng Re-Zertifizéierung dat nächst Joer usteet. Kloer ass awer elo schonn, datt mir 1,5 Prozent no ënnen ugepasst gi fir eng Zertifizéierung déi initialement bei 50,2 Prozent louch. Dat heescht, datt mir 2019 ëmsou méi Punkte musse sammele fir iwwert 50 Prozent ze kommen an d'Zertifizéierung "erfollegräich ze iwwerstoen".

Fir e Niveau vu 75 Prozent ze erreechen - esou wéi et am Koalitiounsofkommes festgehale ginn ass - musse mir am 4te Gang dat nächst Joer lassleeën.

Mir bleiwen zouversichtlech, well de Schäfferot dëst Joer eng laang Fuerderung vun **déi gréng** berécksiichtegt an een Ëmwelt- an Energieberoder agestallt huet, deen ab Januar 2019 aktiv hëlleft fir eis Zieler ëmzesetzen.

Mir gesinn nach vill Méiglechkeeten fir dëst ze erreechen:

- **Ëffentlechkeetsaarbecht an Ëmweltbildung**. Et kann een net genuch op de Klimawandel opmierksam maachen a mir solle bei eise Kanner ufänken. Si sinn déi Responsabel vu muer. (cf z.B. de Programm "Nachhaltigkeit macht Schule", dee vun der *Agence de l'Energie* ugebuede gött)

- "**Circular & Shared Economy**" an "**Upcycling**". Wat dës Theme betrëfft, huet de Gemengesyndikat PRO-SUD eng ganz Rei "good Practices" gesammelt. Et geet drëm fir den Offall an de Ressourcëverbrauch op ee Mindestmooss ze beschränken.

Et ginn och an dësem Beräich eng Rei Referenzprojete wéi Repair-Café, Occasiounsbuttek (z.B. d'Gemeng Déifferdeng an Zesummenaarbecht mat der Beschäftigungsinitiativ CIGL) bis zur "Tennisball Aktioun" d.h. de Recycling vun Tennisbäll (Faserfilz a Gummigranulat, z.B. fir Foussbiedem). Dës Fuerderung vun der Kreeslafwirtschaft ass zwar eng kleng, mee dofir gutt ze ergräifen.

Beim Klimaschutz muss jidderee mat upaken! Déi gréng si selbstverständlech bereet fir an alle Punkten, déi mir ugeschwat hunn, tatkräfteg matzehëllefen.

Déi gréng wäerten dëse Budget net mat stëmmen, well wesentleche Punkten, déi ech hei just deelweis ugeschwat hunn, net Rechnung gedroe ginn ass am Budget.

Ech soen alle Fonctionnaire Merci déi gehollef hu fir dëse Budget opzestellen.